



Ech hunn dat nokucke gelooss. Mir hu genuch Liquiditéiten zur Verfügung fir déi kommend Méint a mir hunn och nach Sputt an den Emprunten, déi vun dëser Chamber genehmegt gi sinn, falls dat an där Period misst néideg sinn. Mat deenen zwee Elementer komme mer ouni Problemer fir déi nächst véier Méint iwwert d'Ronnen.

Ech wäert lech Mëtt Februar e Projet de budget hei presentéieren. An dee Budget muss jo virun Enn Abrëll gestëmmt ginn. Wéi richteg gesot ginn ass vu verschiddenen Intervenanten, ass et net ze erwaarden, dass mer do en totale Screening vun allen Depensé wäerte kënnen maachen. Dat ass eng Aarbecht, déi hält ganz vill Zäit. Mir wäerten déi Aarbecht maachen, mä d'Repercussiouen dovun wäert wahrscheinlech eréischt am Budget fir 2015 komplett zur Geltung kommen. Wa mer awer Saache méi fréi fannen, wäerte mer se natierlech utiliséieren.

Zweetens wäerte mer natierlech Akzenter setzen an deem Budget op Basis vun deene Saachen, déi am Koalitiounsprogramm zréckbehalen gi sinn.

Zum Schluss wëllt ech nach soen, dass mer eis och ganz staark wäerten un de Recommandatiounen, déi mer vun Europa kréien, inspiréieren, och wat d'Normes budgétaires européennes ubelaangt. Ech mengen, dass dat e ganz wichteg Punkt ass. An dat ënnersträicht erëm eng Kéier, dass mer net méi eleng am Boot sinn am Budget, dee mer fir Lëtzebuerg maachen. A wa mir dat Land sinn, wat vläicht nach déi mannste Budgetsschwieregkeeten huet, oder op d'mannst eent vun de Länner sinn, wat déi mannste Budgetsschwieregkeeten huet, verglach mat eise Kolleegen aus der Eurozon oder an Europa, ass et nun awer emol esou, dass déi europäesch Manéier, fir dat ze kucken, ëmmer verglach gëtt mam Land selwer. An dass mer do also - et ass wéi op enger Zensur - ëmmer musse Progrès maachen a mer net kënnen do verfalen.

Ech wäert och elo, nodeem dës Debatte fäerdeg sinn, erëm zréck op Bréssel fueren, wou den Eurogroup den Owend zesummekënnt a mar den ECOFIN, wou d'Bankenunioun vläicht finaliséiert gëtt - e Kompromëss schéngt a Siicht ze sinn. Dat beweist eis erëm, wéi wichtig Europa fir eis ass, a wat fir eng grouss Roll et an eisem alldeegleche Liewen an och fir eis Finanzplaz a fir eise Stat spillt.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Finanzminister. Mäi wären domat, wann ech dat richteg gesinn, um Enn vun eiser Diskussioun ukomm a mer géifen zum Vote iwwert de Projet de loi 6630 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6630 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung ass lancéiert. De Vote par procuration. Enn vum Vote.

De Projet de loi 6630 ass ugeholl mat 55 Jo-Stëmme, bei 3 Nee-Stëmme an 2 Abstentounen.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beisel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexandre Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser (par M. Gast Gibéryen) et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Wëllt ee seng Abstentoun motivéieren?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Da géif ech nach d'Fro stellen, ob d'Chamber d'accord ass, fir de Projet vum zweete Vote constitutionnel ze entbannen.

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Nächste Punkt vum Ordre du jour ass de Projet de loi 6580. Dobäi geet et ëm déi finanziell Bedeelegung vum Stat bei der Moderniséierung vun der Kläranlag Nordstad/Bleesbréck. Dir wësst, dass de Riedezäitmodell deen ass vum Modell 1. Ageschriwwen sinn: d'Häre Marco Schank, Roger Negri, Gusty Graas, Gast Gibéryen a Justin Turpel.

An d'Wuert huet den honorabelen Här Rapporteur, den Här Henri Kox. Dir hutt d'Wuert.

6. 6580 - Projet de loi autorisant l'État à participer au financement des travaux nécessaires à l'extension et à la modernisation de la station d'épuration de Nordstad/Bleesbruck

Rapport de la Commission de l'Environnement

► **M. Henri Kox (déi gréng), rapporteur.**- Merci, Här President.

Dir Dammen an Hären, de Gesetzesprojet 6580 ass a sech e Finanzéierungsgesetz. Sou wéi Der virdru richteg gesot hutt, Här President, geet et drëms, dass de Stat hëlleft d'Kläranlag vun der Bleesbréck, besser gesot, déi vun der Nordstad, éischters ze erweideren an zweetens op den neiste Stand vun der Technik ze bréngen.

D'Kläranlag selwer ass aus de Joren '63, mëttlerweil kënnt Der lech jo virstellen, dass do eng ganz Rei weider Uertschaften ugeschloss goufen, dass natierlech och ganz anescht vis-à-vis vun Europa respektiv vun den Obligatiounen, wat am Ëmweltberäich uläit, eng Verbesserung komm ass, soudass et onerlässlech ass, dass déi Kläranlag muss erneiert ginn.

Et sinn zwee Punkten an dësem Gesetz virgesinn. Den éischte Punkt ass d'Erweiderung an d'Klärung selwer, dat heescht se op den neiste Stand ze bréngen. An dat beleeft sech op 46,3 Milliounen.

An den zweete Punkt ass natierlech, dass déi Kläranlag aus de Joren '63 war an dass do eng Rei vu Pollutiounen entstane sinn um Site selwer, an déi mussen dann entsprechend och erëm ewechgemaach ginn. An dee Betrag beleift sech op zwou Milliounen.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Firwat si mer haut iwwerhaupt hei? Et ass kloer, wann e Gesetz iwwer 40 Milliounen usteet, muss, laut der Constitutioun, laut dem Artikel 99, e spezialt Gesetz gemaach ginn, also e Finanzéierungsgesetz, an dofir maache mer dat och haut hei.

E puer Sätz awer nach zum Contexte historique. Ech hu virdru gesot, d'Kläranlag ass aus dem Joer '63, deemools gebaut gi fir Ettelbréck an Dikrech mat engem Equivalent-habitant vun 62.000 Unitéiten. Deemools ware jo zu Dikrech an Ettelbréck Brauereien, Molkereien, an all Méiglech ass deemools an déi Kläranlag gefloss, soudass déi enger grousser Belaaschtung och huet misse standhalen.

Déi Kläranlag war awer deemools ënner staatlecher Regie a si ass eréischt '94 an den Nordsyndicat komm vum SIDEN a säitdem si si och responsabel dovun.

An Zwëschenzäit ass, mengen ech, de Groussraum Nordstad un där Kläranlag ugeschloss. Et wäerten och weiderhin nach weider Dierfer ugeschloss ginn, soudass et wierklech de Rôle ginn ass vun där Kläranlag, déi ganz Nordstad-Gemengen un enger performanter Kläranlag spéiderhin dann och ugeschloss ze hunn. Duerfir dës Erweiderung.

Nodeems '94 eben de SIDEN och d'Kläranlag iwwerholl huet, ass si higaangen 2003, fir dës Projet mat den néidegen Instanzen op dem Waasserwirtschaftsamt duerchzekucken, a si huet och e Bureau d'études beoptraagt, fir sech ze conformitéieren.

Dir wësst, dass eng ganz héich Belaaschtung an eise Gewässer mëttlerweil ass, nämlech insbesondere Nährstoffer, an déi Nährstoffer mussen eben erausgeholl ginn. Och ass d'Evolutioun vun der Populatioun an dem Beräich vun der Nordstad net ofzeweisen.

Haut ass d'Kläranlag eng vun de véier gréissten, a wann dës Erweiderung fäerdeg ass - a si geet nämlech vun 80.000 plus déi 50, déi projézéiert sinn, 50.000 Einwohnergläichwäerter -, komme mer op e Betrag vun 130 (veuillez lire: 130.000) Einwohnergläichwäerter, dat wär dann déi Zweetgréissten hei am Land, no Beggen an der Stad.

Mir hunn natierlech eng Urgence. Dir wësst, dass mer um europäesche Geriichtshaff veruerteelt gi sinn, well mer der Obligatioun net nokomm sinn, nämlech der Direktiv aus de Joren '91 - et ass schonn e bësse méi laang hir -, dass eis Gewässer engem gudden Zoustand zougefuert sollte ginn, an dofir sollte méiglechst schnell all eis Uertschaften u Kläranlagen ugeschloss ginn.

Dës hu mer leider verpasst, a mir sollten elo no vir kucken, well déi Zomm, déi mer elo de Moment ze bezuelen hunn, éischters e forfaitaire Betrag ass vun zwou Milliounen an nach eng Kéier all Dag zousätzlech 2.800 Euro, soudass mer all Interêt hunn, fir esou séier wéi méiglech dat och an d'Rei ze bréngen. Dofir ass dës Regierung gewëllt, esou séier wéi méiglech dat a Musek och ëmzesetzen.

Aus de Kommissiounssätzungen: Den 9. Dezember si mer fir d'éischte Kéier zesummekomm, wou mer de Projet analyséiert hunn. Et waren Avisé vun der Chambre des Métiers an der Chambre de Commerce, déi virlouchen, awer selbstverständlech och déi vum Statsrot. An de Statsrot, dee säin Avis den 8. Oktober 2013 ginn huet, huet, besonnesch wat de finanzielle Volet ubelaangt, e puer Remarqué gemaach.

Et war nämlech net ganz eendeiteg erauszulesen, wéi déi Suen imputéiert ginn. Nämlech, déi 46,3 Milliounen gi ganz kloer aus dem Fonds pour la gestion de l'Eau, dat heescht aus dem Waasserfong, ervir. An dee Betrag vun zwou Milliounen, dee mer brauche fir d'Depollutioun, dee kënnt dann natierlech aus dem Fonds pour l'Environnement.

Dat war net explizit genuch am Gesetz virgesinn, dofir sinn déi Remarquen do entsprechend eragefloss. Also nach eng Kéier de Rappel: 46,3 Milliounen aus dem Fonds pour la gestion de l'Eau an zwou Milliounen aus dem Fonds pour la protection de l'Environnement!

Wichtig ass awer och nach ze soen, dass dee Betrag, deen do ernimmt gouf, sech op e Präisindex vun der Konstruktioun mat der Valeur 725,25 zum 1. Oktober 2012 berëfft.

Et war awer och wichtig, nach op ee Punkt anzegoen, wa mer iwwer Finance schwätzen. Do huet e Member vun der Kommissioun drop higewisen, dass an dësem Projet selwer schonn eng ganz Rei vun Aarbechten duerchgefouert gi sinn. Déi Aarbechte belafe sech mëttlerweil op 5,5 Milliounen, e bësse méi. Dass déi awer schonn engagéiert goufe vun dem Syndicat an dass déi 46,3 Milliounen dat net beinhalten.

Dat heescht, et ass eng Fiche technique oder Fiche financière, déi integrale Bestand vun dësem Gesetz ass, wou ganz kloer drop higewise gëtt, dass u sech de Montant total, dee sech hei fir d'Sanéierung vun der Kläranlag ergëtt, 51,7 Milliounen ass. Do ginn déi 5,5 ofgezunn, déi schonn u sech an der Vergaangenheet vum SIDEN engagéiert goufen, soudass mer elo op dee Betrag vu 46,3 Milliounen kommen.

Den 11. Dezember an dëser Kommissioun gouf ech dann zum Rapporteur ernannt. Mir hunn déi Ännerungen eestëmmeg, entsprechend dem Gesetz, duerchgeholl. Mir hunn d'Gesetz entsprechend och ugepasst, well déi Proposen och direkt vum Statsrot komm sinn, soudass net nach eng Kéier e Va-et-vient gemaach muss gi mat dem Statsrot.

Soudass och dann dës Projet eestëmmeg an der Kommissioun ugeholl gouf an ech bidden lech, och dësem Projet kënnen zouestëmmen. An ech géif och gläichzäiteg mäin Accord vun der grénger Fraktioun bäisteieren.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme le Président.**- Merci dem Här Rapporteur Henri Kox. Et ass elo un dem Här Schank, fir eis seng Vuen ze presentéieren. Här Schank, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Marco Schank (CSV).**- Madame Présidente, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir

d'Éischt emol wollt ech dem Rapporteur, dem Kolleeg Henri Kox, Merci soe fir säin detailléierte schrëttlechen a mëndleche Rapport zu dësem Projet.

An Dir hutt héieren, am Rapport ass däitlech ginn, wéi noutwendeg datt et ass fir dës Finanzéierungsgesetz, fir d'Upassungsaarbechten, d'Vergréisserungsarbechten op der Bleesbréck, vun der Kläranlag Nordstad, wann een esou wëllt soen, fir déi esou séier wéi méiglech op an och iwwert den Instanzewee ze bréngen. A fir datt et selbstverständlech méiglechst ganz konkret och séier ka mat den Aarbechten um Site, um Terrain ugoen, vun der Bleesbréck.

Dës Urgence, de Rapporteur huet et gesot, steet natierlech och am Kontext vun deem Arrêt vun der Cour de justice, wou Lëtzebuerg zu verschiddene Sanktiounen condemnéiert gouf. Mä ech mengen, d'Urgence ergëtt sech och aus dem Waasser- an Ëmweltschutz, dee mer jo eis méiglechst séier wënschen op ville Plazen hei am Land.

An duerfir ass et och gutt, datt déi viereg Regierung, an elo déi heite Regierung gekuckt huet, fir dës Projet direkt a séier elo op den Instanzewee ze bréngen. An duerfir begréisst meng Fraktioun, datt mir haut och dës Projet stëmme kënnen.

Déi Responsabel vum Ofwaassersyndikat SIDEN, deen iwwregens insgesamt 35 Gemenge regroupéiert, déi hu jo schonn däitlech gemaach, datt, soubal d'Autorisatiounen all virleien, d'Ausschreiwunge kënnen gemaach ginn, fir dann och de Projet an deene beschten Délaie kënnen ze realiséieren. An ech mengen, si sinn déi Éischt, déi 35 Gemengen, déi en Interêt drun hunn, datt de Projet realiséiert gëtt an datt se wëllen de Projet och méiglechst séier fäerdeg gesinn.

D'Infrastrukturen op der Bleesbréck sinn natierlech an deene vergaangene Joren ëmmer erëm ugepasst ginn, entsprechend der Populatioun, déi gewuess ass, virun allem am Norden, an der Nordstad, mä awer och an deenen Uertschaften, déi no an no bäikoumen. Mä et ass net nëmme d'Populatioun, déi gewuess ass, och déi ekonomesch Aktivitéiten hunn zougeholl.

Wann ech kucken, datt d'Zones d'activités gewuess sinn, datt der bäikomm sinn, a wann ech de Plan sectoriel «Zones d'activités» gutt am Kapp hunn, da kommen der nach derbäi, Verschiddener. Ënner anerem déi vum Fridhaff, den ZANO, wat, mengen ech - ech kucken de Claude Haagen - eng 45 Hektar insgesamt wäerten duerstellen, déi zousätzlech dann och an d'Bleesbréck herno wäerten ausschëdden.

An eleng wann een d'Einwohnergleichwerte kuckt, an de Rapporteur huet se gesot, 130.000 Unitéiten, da gesäit een, wéi wichtig déi Anlag ass, net nëmme fir d'Nordstad oder den Norden - kann ee roueg soen -, mä och fir d'Waasserqualitéit vun der Ennersauer, wat jo e wesentlechen Aspekt ass. Also eng Kläranlag, déi wichtig eigentlech ass fir eist Land.

Wann een d'Chronologie kuckt vum Dossier Kläranlag Bleesbréck, da fält engem natierlech op, datt een herno ka soen: „Majo, et hätt alles méi séier a besser kënn geschéien.“ Dann därerf een awer och déi extrem Komplexitéit an déi grouss Technicitéit, déi deen Dossier huet, net ënnerschätzen!

An et sinn zum Beispill eng ganz Partie Diskussiounen ginn, fir méiglechst prezis och déi noutwendeg Sanéierungscapacitéit ze fixéieren, well dat ass jo e wesentlechen Aspekt. „Do kann een net einfach draschloe wéi d'Sau an de Weesbräi“, wéi mir am Norde soen, mä et muss ee prezis definéieren, fir datt herno de Prozess och vun der Sanéierung fonctionnéiert.

An duerfir sinn eng Partie Simulatiounen gemaach ginn, eben och am Kontext net nëmme vun der Bevëlkerung, déi dat ugeet, mä och am Kontext vun den ekonomeschen Aktivitéiten, déi an deenen nächste Méint a Joren an der Nordstad a ronderëm d'Nordstad sollen derbäikommen.

Esou eng Diskussioun, just fir dat Beispill ze soen, war och d'Luxlait, wou laang diskutéiert gouf: Mécht d'Bleesbréck déi Sanéierung oder mécht d'Luxlait se selwer? An Dir wësst, wéi et ausgaangen ass, datt schlussendlech dann d'Luxlait selwer déi Sanéierung da bei sech elo iwwerhëlt.

Ben, onofhängeg dovunner, wat ee bei dësem Projet Kläranlag oder bei deenen anere Projete vu grousser Kläranlagen hätt kënnen méi séier oder besser maachen an der Vergaangenheet, fir eis och a Conformitéit vun der Direktiv '91/271 ze setzen, sinn an deene leschte Joren awer enorm Ustregnunge gemaach gi fir eng



modern Ofwaassersanéierung hei zu Lëtzebuerg. D'Gemengen hunn enorm vill gemaach. Bei de Gemengen hunn ech elo keng Chifferen, mä do si vill Suen investéiert ginn a kleng an a grouss Kläranlagen.

Mä wann ech kucken, wat déi successiv Regierungen investéiert hunn, da waren dat Enn den 90er Jore bis 2004 an der Moyenne iwwer 20 Milliounen Euro; vun 2004 bis haut waren dat an der Moyenne 53 Milliounen Euro; 2013 waren dat tëschent 60 a 70 Milliounen Euro. Just fir och awer eng Kéier deen Impakt ze soen, wéi gesot, nieft all deem, wat och d'Gemengen an d'Ofwaassersanéierung an der Vergaangenheet gestach hunn.

D'Chronologie vum Projet Bleesbréck weist deemno, datt vill successiv Etappen hu misse geholl ginn, fir datt mer haut de Mëtteg hei an der Chamber dee Projet de loi kënne stëmmen, andeems mer de Stat autoriséieren, um Ausbau an der Moderniséierung vun der Kläranlag Bleesbréck ze participéieren.

Wichtig vläicht nach ee Saz zum Schluss, dat ass awer och vum Rapporteur gesot ginn, datt ech wollt preziséieren, datt de SIDEN an de leschte Joren eng Partie Moossnamen ebe geholl huet, déi déi Suen kascht hunn, déi virdu gesot gi sinn, 5,5 Milliounen, fir d'Ofwaasserqualitéit um Site selwer ze verbessern.

An domat wollt ech dann, ganz zum Schluss, den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Ech soen Iech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme le Président.** - Merci dem Här Schank fir déi och wichtig zousätzlech Erklärungen zu dësem wichtige Projet. Ech wollt dann elo d'Wuert ginn dem Här Roger Negri als nächstem Riedner.

► **M. Roger Negri (LSAP).** - Merci, Madame Presidentin. Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'Éischt dem Président-rapporteur Henri Kox Merci soe fir seng exzellent Rapporten, schrëftlech wéi mëndlech.

Als LSAP-Fraktioun wäerte mir dee Projet herno stëmmen. Dofir wëll ech mech just op e puer Bemerkungen a Froen un d'Regierung beschränken.

Fir d'Éischt wëll ech nach emol, wéi de Rapporteur dat och scho gesot huet, drun erënneren, dass déi entspriechend Direktiv den 13. Mee 1994, also fir propper Baachen a Flëss hierzestellen, an nationalt Lëtzeburger Recht ëmgesat ginn ass. Dat si quasi 20 Joer! An datt mer elo als Land fir d'Netanhale vun dëser Direktiv bestrooft gi mat zwou Milliounen Euro Forfait an 2.800 Euro Astreinte pro Dag bis déi Kläranlag vun der Bleesbréck gebaut gëtt an duerno nach sechs Méint bis den Délai de finition och riwwer ass. Bon, dat ass schonn e relativ staarkt Stéck, wouriwwer mer net brauchen houfreg ze sinn. Bien au contraire!

Dofir wëll ech den Här Stasssekretär Camille Gira froen, wéi wäit den Dossier an der Prozedur selwer ass. Gëtt zum Beispill dru geduecht, fir d'Aarbechte méi zügig ze realiséieren, fir domat eventuell d'Strof fir eist Land ze reduzéieren? Bei engem Gesamtinvest vun 81 Milliounen, si jo scho ronn, wéi gesot ginn ass, 5,5 Milliounen vun dem betreffene Kläranlagesyndikat SIDEN bezuelt ginn. An et bleiwen der nach eng ronn 30 Milliounen fir de SIDEN selwer elo ze bezuelen.

Mä dës Fraisë fale jo awer am Endeffekt op d'Gemengen, op déi betraffe Gemenge vun deem Syndikat do zréck. An hei ass d'Fro: Wéi wäit sinn d'Gemengen, vu dass mer elo an enger Urgence sinn, hir Investor an hirer Mehrjahresplanung do drop preparéiert? Bestinn do scho vläicht Detailer, fir dass dat herno och kann esou bezuelt ginn? A wat fir eng Form vun Opschlësselung et eventuell do scho gëtt.

Dann ass déi Fro: Wie bezilt am Endeffekt déi Astreinte journalière, wou mer jo ugesicht ginn, vun 2.800 Euro pro Dag? Dat hänkt jo deelweis och dovun of, wéi laang dat dauert. Dat heescht, dat hänkt vun der Gestiou vun Chantier vun SIDEN of. Do stellt sech also d'Fro, ob do e gewëssene Schlëssel kënnt, wat de Stat an eventuell de Syndikat do bezilt.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Dat bréngt een einfach zur Fro, ob et net géif an där Saach Sënn maachen, fir eventuell d'Cour des Comptes dermat ze beoptragen, fir an dësem Sënn eng Analys ze maachen, dass et herno net zu onnëtze Streidereie kéint kommen.

An deem Sënn géif ech den Accord vu menger Fraktioun ginn zu dësem Projet de loi a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och Iech, Här Negri. Nächste Riedner ass dann den honora-bele Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, u sech huet dëse Projet jo zwee ganz interessant Aspekter: Deen Éischten ass deen, datt et natierlech ëm den Ausbau an d'Vergréisserung vun enger wichtiger Kläranlag geet. An deen Zweeten ass deen, datt et deen éischte Waasserschutzprojet ass zënter 1999, deen net méi ënnert der Tutelle vum Innenministère steet, wat jo u sech och eng ganz grouss an eng ganz wichteg Neierung ass.

Ech mengen, mir sinn eis all eens heibannen, déi sech e bësse mat Gewässerschutz ofginn, datt d'Kläranlag Bleesbréck natierlech enerm vill Defiziter opzeweisen huet - ënner anerem ass dat hei jo schonn erkläert ginn -, bedéngt och duerch déi enorm Entwécklung vun deem ganze Ballungsgebitt do. An dofir ass et och net méi wéi richtig, datt elo d'EWG-Zuel op 130.000 eropgesat gëtt.

Et ass och bekannt, datt d'Eliminatioun vun de Stéckstoffee ee vun deene ganz grouss Problemer de Moment vun där Anlag do ass. An ech wëll och dorop hiweisen, datt „die deutsche Vereinigung für Wasserwirtschaft“, huet emol eng Kéier och, an dat ass nach net allze laang hier, eng Bewäertung iwwert d'Reckstänn vun där Kläranlag matgedeelt, an do huet se vu mëttelméisseege Pollutiounsreckstänn geschwat. Och dat ass jiddefalls de Beweis, datt déi Kläranlag, de Moment jiddefalls, wäit ënnert deenen noutwendege Capacitéite fonctionnéiert.

Et ass natierlech ze bedauern, an ech mengen, datt soll awer och hei éierlech gesot ginn, datt dee Projet awer dach enorm Retarde bei der Ëmsetzung kritt huet. Ech erënneren drun, datt zum Beispill 1991 den deemolegen LSAP-Deputéierte Lucien Lux am Juli eng Question parlementaire un den deemolegen Ëmweltminister Alex Bodry gestallt huet, wou en da wollt och emol Erklärunge kréien, wéi et da mat der Verbesserung vun der Kläranlag Bleesbréck wär. An deemools ass da gesot ginn - dat ass awer elo net hei polemisch gemengt -, dat wär an der Etüd an dat géif net méi laang daueren, bis datt dee Projet géif definitiv an där Envergure ëmgesat ginn. Bon, entre-temps sinn 22 Joer an d'Land gezunn a mir musse feststellen, datt mer elo endlech op der Zillinn ukomm sinn, datt de Projet och kann da realiséiert ginn.

Et sinn natierlech och eng Rei aner Ursachen, déi dozou bäigedroen hunn, firwat datt de Projet net esou séier konnt ëmgesat ginn; de Marco Schank ass schonn op deen een oder deen aneren agaangen. Ech wëll net hei nach eng Kéier drop zréckkommen, ob och eng Buvette Ursach war, firwat datt elo dee Projet retardéiert ginn ass. Ech mengen, dat soll net onbedéngt elo hei thematiséiert ginn. Wat wichtig ass, datt elo endlech emol de Projet dann och hei kann definitiv ëmgesat ginn.

Et muss een natierlech eppes hei besonnesch ënnersträchen: Et gëtt jo ganz vill Leit an eiser Gesellschaft, déi ëmmer eng negativ Approche vis-à-vis vun Europa hunn. Mä loosse mer mol ganz éierlech sinn, wann et Europa net géif ginn, a wann et net déi Gäissel vun Europa géif ginn, da fäerten ech ganz, da wier d'Situatioun vun eise Gewässerleef nach méi schlecht! An och dat soll emol eng Kéier kloer an dättelech hei ënnerstrach ginn.

An et ass awer net onbedéngt och eng gutt Bewäertung fir eist Land, wann Europa op eemol muss d'Gäissel huelen a soen: „Hei, Dir hutt nach do an do Defiziter an da gitt Iech elo emol drun, och dat ëmzesetzen.“ An an deem Sënn, dat klängt elo vläicht e bësse kontradiktoresch, mä et muss een och souguer op eng Manéier frou sinn, datt mer veruerteelt gi sinn, datt elo emol eng nei Dynamik kënnt, datt neien Drock kënnt, och wann et ganz, entschëllegt deen Ausdrock hei, e bësse lamentabel ass, dat e Land wéi Lëtzebuerg, wat jo awer nun, naja, net onbedéngt hannen op der Lëscht steet, wann et ëm d'Capacités financières vun den EU-State geet, datt dat muss veruerteelt ginn, fir endlech emol déi noutwendeg Schrëtt ze ënnerhuelen.

A wa mer vun Europa schwätzen, da muss een natierlech besonnesch awer och op déi EU-Waasserrahmen-Richtlinn hiweisen. Dat ass eng ganz wesentlech Richtlinn, déi och Gott sei Dank duerch d'Gesetz jo vun 2008 ëmgesat ginn ass. A virun allem natierlech och, an et ass hei schonn e puermol vu menge Virriedner ugedeit ginn, datt ass dee berühmt-berüchtigten Arrêt vun der Europäescher Cour de justice

vum leschten 28. November, nodeems mer jo dann elo definitiv och veruerteelt goufen, wéi gesot, wat net onbedéngt eng Renommée fir eist Land duerstellt.

Dëse Gesetzesprojet gesäit jo, an dat ass jo och e bësse speziell fir Kläranlagen (veuillez lire: fir e Kläranlageprojet), e Projet, Ausgaben iwwert de Wee vun zwee Fonge vir. Engersäits, wat jo normal ass, iwwert de Fonds pour la protection de l'eau. Awer op där anerer Säit dann eben och iwwert den Ëmweltfong. An och do muss ee sech awer munch Froe stellen, wéi et méiglech awer ass, datt eng Verwaltung, fir d'Ponts & Chaussées hei net mam Numm ze nennen, datt déi dann awer jorelaang einfach esou Saachen deponéiert huet, wuelwëssend, datt dat jo awer géif Problemer mat sech bréngen.

Datt mer haut mussen zwou Milliounen zousätzlech investéieren, fir d'Sanéierung vun engem Site virzehuelen, och dat werft Froen op. An ech hoffen awer, datt och esou Saachen an Zukunft der Vergaangenheet wäerten awer ugehéieren.

Ee Volet, deen net hei ugeschnidde ginn ass - ech hat dat zwar och kuerz an der Kommissioun ugeschnidde -, an zwar geet et do ëm Réckstänn vu Medikamenten an eisen Ofwässer. Dat ass e Problem, deen ëmmer méi eng grouss Envergure kritt. An eng lescht Etüd aus Däitschland seet zum Beispill, datt europawäit ka festgehal ginn, datt ronn 3.000 Medikamentereckstänn an eisen Ofwässer festgestallt gi sinn. Do sti mer also virun enger ganz grousser Eraufuerderung, net nëmme hei zu Lëtzebuerg, europawäit, weltwäit kann ee soen.

Et ass eng Problematik, déi jo och zu enger genetischer Pollutioun vum Fëschbestand ka bäidroen an och nach aner Problemer wäert mat Sécherheet generéieren. An dowéinst, wéi gesot, ass dat een Aspekt, dee mer awer kënnen an der Klärtechnik, och hei zu Lëtzebuerg, an Zukunft net méi ignoréieren. Et ass also wesentlech, datt mer dat och zur Kenntnis huelen, datt mer kucken, wat entwéckelt sech um internationalen Niveau an der Klärtechnik, fir dann och, wéi gesot, deen Aspekt an Zukunft méi ze considérieren.

Ech mengen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee schonn am Ufank hei steet vun enger neier Legislaturperiod an et schwätzt een iwwer esou ee wichtige Projet, wäert et jo och erlaabt sinn, vläicht e puer Reflexiounen ze maachen iwwert déi nei Gewässerschutzpolitik, déi elo an Ugrëff geholl gëtt.

Wat sécher ass, och wann een net onbedéngt elo sech am Detail mat eise Gewässerleef, mat der Qualitéit vun eise Gewässerleef ofgëtt, esou ass et falsch, d'Bild ze verschéineren! Neen, mir hu ganz seriö Problemer nach mat de Gewässer hei zu Lëtzebuerg. Een, deen de Contraire seet, dee seet net d'Wourecht. An dowéinst ass et also wichtig, datt eng nei Dynamik och an d'Gewässerschutzpolitik kënnt. An ech wëll dat nach eng Kéier hei betounen, an déi nei Regierung ass och ze félicitéieren, datt se dee wesentlechen, dee wichtige Schrëtt ënnerholl huet, datt se d'Waasserwirtschaftsamt, wat ni an den Intérieur gehéiert huet, (veuillez lire: datt se d'Waasserwirtschaftsamt an den Ëmweltministère transféréiert huet).

1999, wéi mer et hei kreéiert hunn - a wann ech hei duerch d'Reie kucken, si jo nach eng Rei bekannte Gesichter hei -, ware mer gréisstendeels natierlech zefridden, datt endlech e Waasserwirtschaftsamt geschafe ginn ass. Mä mir waren awer gläichzäitig zu enger ganzer Rei och onzefridden, well et net an dee richteg Ministère komm ass. Firwat, dat wësse mer och, mä ech wëll net méi an d'Vergaangenheet wulle goen. Mä déi Leit, déi op dëser Säit setzen, wëssen d'Ursach minimum esou gutt wéi ech. An dofir sinn ech besonnesch frou, an ech félicitéieren nach eng Kéier déi nei Regierung, dass se dee Courage huet.

Et muss een och soen, dozou gehéiert jo awer och e gewëssene Courage. Bei maache mer en Transfert vun enger Verwaltung, déi esou implantéiert war an engem Ministère aus enger Rei vun Ursachen, déi transferéiere mer elo riwwer an en anere Ministère. Dat wäert och net esou vun haut op muer goen, mä et ass e wesentlechen, et ass e wichtige Schrëtt, an ech sinn och iwwerzeegt, datt dat och wäert ouni Zweifel zu enger gewëssener Verbesserung bäidroen.

Wann et mer erlaabt ass, ee kuerzt Beispill ze ginn, an ech huelen dann d'Kollegin Josée Lorschée hei als Témoïn. Mir si jo de Moment an eiser Gemeng amgang, e ganz wichtige Projet vu Renaturéierung ze maache vun der

Uelzech. A wat musse mer feststellen? Mir sinn elo iwwer zwee Joer amgang, mir si keng dräi Millimeter weiderkomm, ënner anerem well zwou Verwaltungen zwou kontradiktoresch Approchen hunn. Dat dierf et awer net méi sinn!

An dowéinst hoffen ech och, datt elo duerch déi Zesummeleeeung en neien Esprit an der Gewässerschutzpolitik hei zu Lëtzebuerg wäert ouni Zweifel entstoen. An datt mer, wéi gesot, nach grouss Retarden hei hunn, do ass guer keen Zweifel. An ech zitieren hei zum Beispill aus dem Rapport 2012 - also et ass elo net, datt een hei einfach nëmme selwer Bewäertungen ofgëtt - aus dem Intérieur, wou dann do steet: «Il y a lieu de noter que de nombreuses stations d'épuration reçoivent des charges hydrauliques trop importantes. Ces surcharges sont dues, d'une part, à des équipements épuratoires non adaptés à l'évolution croissante de la population et, d'autre part, à des réseaux de collecte vétustes transportant trop d'eau claire parasite.» Ech mengen, deem ass näischt hinzuzefügen. Dat ass eng wesentlech Autokritik. An ech mengen, och dat soll eis am Fong dozou animéieren, fir eng verstärkte Gewässerschutzpolitik an d'Wee ze leeden.

De Marco Schank, an dat ass guer net polemisch gemengt, den Här Schank huet natierlech engersäits drop higewisen, wéi vill an deene leschte Joren investéiert ginn ass. Dat ass richtig. Wann een d'Zuelen zwar e bësselche vun enger anerer Säit analyséiert, da gesäit een, datt awer oft d'Kreditter, déi virgesi waren, net an deem Mooss ëmmer benotzt gi sinn. Ech soen dat emol einfach esou faktuell hei. 2010 zum Beispill ware 75,3 Milliounen virgesinn, et sinn der 56,5 investéiert ginn. 2011 waren der souguer nach manner investéiert gi wéi déi, déi virgesi waren. Et waren der 86,6 virgesinn, et sinn der 50,4 investéiert ginn. Einfach nëmme emol esou. Ech mengen, dat si Fakten, wat awer och e bësselchen eppes zréckgëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer schonn iwwer eng effikass Gewässerschutzpolitik schwätzen, da komme mer awer och net derlaanscht e Wuert ze verléieren um Niveau vum Logement. Et ass ganz kloer, datt dës Regierung sech zum Zil gesat huet, wat och richtig ass, datt mer mussen zousätzlech bauen, datt mer méi séier mussen bauen. Mä da musse mer awer och deen aneren Aspekt mat considérieren. Zousätzlech bauen heescht awer och zousätzlech Ofwaasser klären. An do maachen ech en Appell un, praktesch kann ech bal soen, eis heibannen, et si jo nach ëmmer vill Kommunalpolitiker hei, virun allem un d'Gemengen, datt een an Zukunft, wann en neien, gréisssere Lotissement virläit, datt een awer virun allem sech och Gedanke mécht, wat fir eng Konsequenz huet dat fir d'Charge polluante herno, well jo awer déi Kläranlage mussen och deementspreechend déi néideg Capacitéiten opweisen.

Een anere wesentleche Punkt, wa mer vu Gewässerschutz schwätzen, ass natierlech och d'Renaturéierung vun eise Gewässerleef. Och do muss ee feststellen, datt nach ëmmer (veuillez lire: datt nach ëmmer gesënnegt gëtt). An ech kéint och do erëm e Beispill aus menger Géigend soen, et ass zwar méi no bei Diddeleeng, mä bon, ech ginn elo net op den Détail hei an, mä do ass och geplangt, eng Baach ze renaturéieren. Wéi mer déi éischt Pläng gesinn hunn, do hu mer eis och munch Froe gestallt. An, Här Stasssekretär, ech mengen, Dir sidd jo entre-temps am Bild, wier ech frou, wann och do emol vläicht géif e bësselchen awer eng aner Approche kommen.

Wat ass eng Renaturéierung? Eng Renaturéierung ass net einfach e Gewässerlaf, deen duerch e Rouer gelaf ass, niewendrun an en anere Rouer ze leeën, dee vläicht en hallwe Meter méi breet ass. Well ech mengen, och do läit nach ganz vill Potenzial, fir a sech d'Qualitéit vun eise Gewässer ze verbessern.

E leschte Punkt nach, an dat geet nach op eng Décisioun vun där leschter Regierung zréck, wou u sech jo nei Parametere festgeluecht gi sinn, inwiefern datt an Zukunft d'Gemenge respektiv d'Gemengesyndikater kënnen op Subventiounen vum Stat zréckgräifen. Déi si jo dann zréckgefuer ginn, ënner anerem zum Beispill vun 90% op 75%, wann et sech ëm netprioritär Projeten handelt. Dat ass engersäits ze verstoen, mä anerersäits wëll ech awer drop hiweisen, ech weess net, ob et richtig ass, an der Philosophie weiderzeliewen, datt an Zukunft



exklusiv d’Gemenge respektiv d’Gemenge-syndikater sollen d’Kompetenz hunn an der Klärung vun eisen Ofwässer.

Well doduerch kann nämlech en Ongläich-gewiicht entstoen, andeems datt mer engersäits de Syndikat X hunn, deen elo déi néideg Investissementer mécht en amont. Mir hunn awer en aval de Syndikat Y, deen awer vläicht net an deem Mooss déi Aarbechte mécht. An dann hu mer am Endeffekt net ganz vill fir de Floss geschafft, esou datt ech awer trotzdem, net warnen, mä awer trotzdem wëll drop hiweisen, datt et liicht geféierlech ass, wa mer lues a lues all d’Responsabilitéiten op d’Gemenge respektiv d’Gemengesyndikater ofdrécken.

D’Gewässerklärung ass nach wie vor mat Sécherheet awer och e wesentleche Bestandteil vun enger staatlecher Aufgab, an dat kann natierlech nëmmen zesumme mat de Gemenge geschéien, respektiv mat de Gemengesyndikater. Mä de Stat kann op kee Fall hei ganz aus senger Verantwortung entlooss ginn.

Wéi gesot, nach eng kéier, mir als Demokratesch Partei sinn natierlech houfreg, datt dee Projet de loi esou séier op den Ordre du jour komm ass. Dat erlaabt mer awer och dem Rapporteur, dem Henri Kox, Merci ze soen, souwuel fir säi schrëftleche wéi och fir säi mündleche Bericht. Et ass e ganz wichtege Projet, dee mer haut stëmmen, an et ass evident, datt d’DP d’Zoustëmmung dozou gëtt.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Graas. Nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Ech wëll och vun eiser Säit aus dem Kolleeg Henri Kox als Rapporteur Merci soen. Ech mengen, de Rapporteur huet de Projet an all senger Facettë ventiléiert an analyséiert. An ech mengen, mir sinn eis heibannen eens, datt et e wichtege Projet ass an datt et héich Zäit ginn ass, datt mer dee Projet kënnen heibanne stëmmen.

An deene leschte Joren hu mer regelméisseg heibanne Projekte gestëmmt, wat d’Klärungen-, d’Ofwässersanéeierung ubelaangt, an ech mengen, déi Projekte sinn am Prinzip och, esou wäit ech kann zrëckdenken, ëmmer eestëmmege heibanne gestëmmt ginn, wat och beweist, datt d’Parlament sech global senger Responsabilitéit do bewosst ass.

Et muss een allerdéngs wëssen, datt dat op eng Direktiv zréckgeet vum Joer 1991, also scho méi wéi 20 Joer, wou mer am Fong iwwer Europa, an dat hunn och scho Virriedner hei gesot, am Fong forcéiert gi sinn, Gott sei Dank kann een haut soen, fir eis Ofwässer, fir déi ze klären. An et muss ee sech haut d’Fro stellen, wann ee weess, datt déi Direktiv iwwer 20 Joer al ass, an datt Lëtzebuerg nach huet missen ugesicht ginn, wann och schonn iwwer 20 Joer brauch, fir eng Direktiv an d’Praxis ëmzesetzen, mat der Drohung vu Strofen, wat wier geschitt, wa mer dat net hätten?

An hei ass ee vun deene Punkten, mengen ech, wou ee muss soen, Gott sei Dank hu mer Europa, dat eis an esou Saache forcéiert, well soss wiere mer sécherlech haut net esou wäit, wéi mer sinn. An et ass am Fong en Aarmutszeugnis fir e Land wéi Lëtzebuerg, wann et och haut de Fall net méi ass, mä wat an deene méi wéi 20 Joer eng grouss Period hat, wou mer quasi am Geld geschwomme sinn, et awer net fäerdegbruecht hunn, fir dat Geld richtig ze investéieren. Mir hunn, op gutt Lëtzebuergesch gesot, vill Blödsinn an deenen 20... An onnëtz Saachen hu mer investéiert, an esou wichtig Saache wéi déi heiten, déi si mat deene verschiddensten Argumenter zrëckgesat ginn.

Et ass och dacks gesot ginn, dat géif un de Mengen oder un de Syndikater leien. Ech géif soen, aus eegener Erfahrung, datt dat net de Fall ass. Mir wësse jo awer, datt d’Gemengen oder d’Syndikater am Prinzip bis elo mat 10% nëmmen un den Investitiounen bedeelegt waren, de Stat mat 90%. An déi 10% ware fir

déi weinegst Gemengen oder Syndikater eng Ursaach, fir e Projet net ze bauen. Mä déi meescht Gemengen, déi hu jorelaang drop gewaart, fir de Feu vert ze kréie vum Ministère, fir de Projet ze realiséieren, well de Stat eben zu deem Zäitpunkt net d’Suen hat, fir seng Obligatiounen ze finanzéieren. An et war jo och net méiglech fir Gemengen oder fir Syndikater, fir am Fong 100% ze finanzéieren, an dann hätte se misse jorelaang drop waarden, fir déi 90% zrëckzekréien.

Ech hu selwer iwwer Jorzéngten un esou engem Projet an enger Gemeng geschafft. A mir hunn ëmmer nëmmen a genau esou séier, wéi de Stat eis d’Suen zur Verfügung gestallt huet, esou séier hu mer de Projet realiséiert. Et huet ni un de Gemengen oder un de Syndikater geleeën, mä et huet ëmmer un dem Finanzéiere vun deem groussen Deel vun 90% gehaangen, wat vum Stat ass.

Dat heescht, hei hu mer eng Responsabilitéit, déi iwwer 20 Joer um nationalen Niveau louch, wou net déi néideg Kreditte zur Verfügung gestallt gi sinn, fir datt mer d’Land flächendeckend konnte mat deene Kläranlagen ausstatten, wéi dat muss sinn.

An elo hu mer eben en Uerteel kritt, wou Lëtzebuerg condemnéiert ginn ass fir e Forfait vun zwou Milliounen Euro a vun 2.800 Euro den Dag. Dat ass, menger Meenung no, eng Katastroph! Wa mer wëssen, wéi vill Geld datt mer elo als Land mussen hei Dag fir Dag als Strof bezuelen.

An do gëtt net genuch iwwert d’Responsabilitéit diskutéiert, wien duerfir responsabel ass. Wien iwwerhëlt déi politesch Responsabilitéit fir dat Uerteel? An dat sinn am Fong alleguerten déi, déi an där ganzer Zäit an der Responsabilitéit waren! Déi missten elo opstoen a soen: Dat doten ass eis Responsabilitéit, mir iwwerhuelen déi fir dat, wat de Stat elo muss iwwer all déi Méint a Joren als Strof bezuelen.

An ech hätt och an deem Zesammenhang eng Fro un den Här Statssekretär, ob scho gerechnet ginn ass, wéi vill datt dat global ausmécht, wat de Lëtzeburger Stat wäert do misse bezuelen. De Stat wäert jo wëssen, wéini ongeféier se rechnen, mat den Infrastrukture fäerdeg ze sinn, a wéini deen Dag dann ongeféier wier, wou de Lëtzeburger Stat déi Suen dann net méi muss als Strof bezuelen.

Et gëtt ëmmer diskutéiert bei de Leit dobaussen: Wie bezilt dat dann elo? Ass dat de Stat, deen déi Strof do bezilt? Oder ass et d’Gemeng oder dee Syndikat, deen déi Kläranlag net gebaut huet?

Ech hunn lech elo grad gesot, datt déi Responsabilitéit an der Vergaangenheet menger Meenung no nach ëmmer - d’Ursaach - beim Stat war. Et kann een natierlech och soen, dee Syndikat oder déi Gemengen hätten och kënnen den néidegen Drock maachen oder e Schrack no vir maachen, da wier de Projet och vläicht realiséiert ginn. Mä ech soen, et ass weder de Stat nach ass et d’Gemeng oder de Syndikat, dee se bezilt. Dee se bezilt, dat sinn d’Steierzueler!

Dat sinn d’Steierzueler, déi mussen déi Strof hei bezuelen, well iwwer Jorzéngten déi zoustänneg Regierung an déi zoustänneg Ministère versot hunn, eng Ofwaasserpolitik ze maachen, déi konform zu eisen europäeschen Engagementer war, déi mer mat der Direktiv vun ’91, déi mer ’94 ëmgosat hunn, geholl hunn!

Do muss een also soen, déi Strof, déi hei geholl gouf, do gëtt et Käpp mat Nimm drop, déi an deenen 20 Joer responsabel waren. Vill vun deene sinn haut nach heibannen. A wann ech géif soen, déi sollen elo emol alleguer opstoen, déi déi politesch Responsabilitéit iwwert déi Strof hunn, ech sinn iwwerzeegt, Här President, da stinn der genausou vill do, wéi ech. A vu datt ech net déi Responsabilitéit ze droen hunn, ier déi aner opstinn, ginn ech mech setzen.

(*Hilarité*)

► **M. le Président.** - Domat wäre mer bal um Enn. Mir hunn nach een ageschriwwene Riedner, dat ass den Här Justin Turpel. Här Turpel, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Kolleeginnen a Kolleegen, ech hu véier Bemerkungen zu deem Projet do ze maachen.

Déi éischt Bemerkung ass déi: Mir stëmme fir dee Projet. Aus där ganz einfacher Ursaach, well dat muss gemaach ginn. Dat ass noutwendig an dat ass och richtig, datt de Stat sech dorunner bedeelegt. Mir sinn och d’accord, datt déi Bedeelegung 90% fir d’Kläranlag bedréit an 100% fir den Assainissement.

D’zweet Bemerkung: De Vote derfir gëtt awer keng Dispens, fir ze kucken, wat d’Ursaache si vun deem Retard. Dat Uerteel vum Europäesche Gerichtshaff war een ugekënnegt Uerteel. Ech kéint elo Question-parlementaire vun 2006 an esou weider dozou widderhuelen, mä elo läit et vir: zwou Milliounen plus 2.800 Euro den Dag, wat nach eng kéier ronn eng Millioun d’Joer ausmécht, wou et da wichtig wier, ze wëssen, wéi laang leeft dat.

Mir wëssen och, datt dat Uerteel net nëmme wéinst der Bleesbréck ass. Dat Uerteel ass och wéinst der Stad Lëtzebuerg. Ursprénglech war och Déifferdeng nach mat am Coup. Déifferdeng kënnt just mat eraus, well se soen, se géife sech den 1. Januar 2014 u Péiteng uschlëssen.

An et wier wichtig, et muss een och wëssen, datt déi Strof sechs Méint méi laang leeft wéi d’Mise en conformité, wann ech dat richtig verstanen hunn. Do kann de Statssekretär eis driwwer opklären. Et wier wichtig, fir ze wëssen, wéi laang datt déi Strof do leeft.

Ech hunn an där Kommissioun, an där ech Member sinn, d’Ursaache gefrot. Eng Chronologie vun den Ursaachen, wéi et dozou konnt kommen. Ech krut ee Relevé, oder d’Membre vun der Kommissioun hunn ee Relevé kritt, wou dropstoung, wat geschitt ass. Net d’Ursaachen, mä wat wéini gemaach ginn ass. Net, wat net gemaach ginn ass, mä wat gemaach ginn ass. An dee Relevé, dee geet un 2003.

Mir kruten och mündlech verschidden Erklärungen iwwert d’Schwieregkeet fir festzeleeën, wéi vill Einwohnerwäerter datt et wieren, iwwert d’Schwieregkeet fir erauszefannen, ob Luxlät misst eng eege Kläranlag hunn oder net, déi se finalement elo huet, iwwert d’technesch Schwierigkeiten.

Mä et sinn och Saache gesot ginn, déi net stëmmen, wou mer eis vergewëssere gelooss hunn an der Kommissioun, datt se net stëmmen, wéi déi berühmten Diskussioun iwwert déi Buvette, wat näischt anescht ass wéi wann ech dat richtig verstanen hunn - ee Réfectoire fir 60 Aarbechter, déi do schaffen. An ech hoffen, datt déi Aarbechter dee Réfectoire kréien. A wann en elo am Projet net mat dran ass, da misst dat ganz schnell nogeholl ginn.

Mä wat vun 1991 respektiv vu ’94, wou mer de Règlement grand-ducal geholl hunn iwwert d’Ëmsetzung vun der 91er Direktiv, bis 2003 geschitt ass, do ass „das große Schweigen“. Manifestement ass do net dat geschitt, wat hätt sollen oder wat hätt missen.

De Jean-Marie Halsdorf sot an der Kommissioun, jiddweree wier schold, an hien hätt keng Loscht, fir do méi driwwer ze schwätzen. Ech mengen, et gëtt een Accord an der Kommissioun, ausser mir, fir ze soen: Kommt, mer kucken net, wie schëlleg ass! Ech wéisst awer gären, wéi et dozou komm ass. An ech kann net akzeptéieren (veuillez lire: verhënnen), datt dee Gedächtnisschwund, deen hei virläit, datt dee mech fatal erënnert un ee grouss Prozess, deen de Moment amgang ass!

Ech krut och versprach, an duerfir féieren ech dat och elo net méi wäit aus, datt an enger vun deenen nächste Kommissiounen (veuillez lire: Sitzung) vun der Ëmweltkommissioun eng Diskussioun géif entstoen iwwert dee Relevé an iwwert d’Ursaachen, déi dozou gefouert hunn.

Ech wëll iwwregens soen, déi nämlechte Diskussioun féiere mer an der Stad, wou de Projet de loi fir de Kollektier ze bauen 2003 déposiert ginn ass, a wou ech eng Ufro am Gemengerot gemaach hunn, fir och do d’Ursaachen, d’Chronologie vun den Evenementer vun den Ursaachen, firwat datt et do zu Retarde komm ass... Wou et och objektiv Ursaache gëtt, wéi Failliten an esou weider, mä awer net nëmmen. 1991 bis 2003 ass ee laangen Dag, an do bleift munches ze klären!

Drëtt Bemerkung: Et gëtt nach eng Rei wäiss Flecken op der Kaart vun de Kläranlagen, esou wéi se gebraucht ginn. Ech schwätzen elo net vun deenen, déi ënner EU-Recht falen, well se iwwer 10.000 Einwohner wäerte sinn, mä ech schwätze vun deenen, déi drënner sinn. An et brauch een nëmmen de Rapport ze huele vum Ëmweltministère an ze liesen, datt do drënner falen: Mondorf, Elweng, Kënzeg, Jonglënster, Tënten, Waldbëlleg an esou weider an esou fort. An och do stellt sech d’Fro: Wéini gëtt dat gemaach?

(*Interruption*)

An déi lescht Fro, déi ech an der Kommissioun gestallt hunn, wou ech nach keng Äntwert konnt drop kréien, an de Statssekretär och gesot huet, hie kéint de Moment net drop äntwerten - vläicht kréie mer se haut beäntwert -,

dat ass d’Fro a Bezuch op d’Gesetz, iwwert d’Waassergesetz vum 19. Dezember 2008, wat de Gestehungspräis ugeet, dee seet, datt d’Taxen, déi gefrot ginn, dee reelle Käschtepunkt mussen decken, «l’ensemble des charges...» an esou weider.

D’Fro ass déi: Sinn dat 100% vun den urspréngleche Käschten, oder sinn et déi 10%, déi bleiwen, wann de Stat seng Subventioun ginn huet? Wann et nämlech 100% sinn, da ginn do erëm eng kéier d’Bierger an d’Séit bei d’Lisette gelooss, wéi bei der Strof. Da bezuele se duebel: eng kéier iwwert d’Steieren an eng kéier iwwert d’Taxen. Soudass ech hoffen, datt et nëmmen déi 10% sinn. Mä d’Äntwert ass bis elo ausbliwwen, an ech ginn dovunner aus, datt mer déi Äntwert elo kréien.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Turpel. Domat wär d’Diskussioun eriwuer an ech géif dem zoustänneg Statssekretär, dem Här Camille Gira, d’Wuert ginn. Här Gira, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Camille Gira, Secrétaire d’État au Développement durable et aux Infrastructures.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, als Alleréischts wëll ech hei och am Numm vun der Regierung ganz härezech Merci soen. Merci dem Rapporteur fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport, deen esou gutt an esou detailléiert war, dass ech zum Projet selwer eigentlech net méi allze vill muss soen. Merci awer och fir d’Unanimitéit zu dësem Projet.

Mä Merci awer virun allem, dass déi nei Chamber, kaum dass se zesummegezat war, esou séier dëse Projet zur Ofstëmmung bruecht huet. Ech kann et ëmmer nëmme widderhuelen, Dir kennt d’Situatioun esou gutt ewéi ech: Eng Strof, e Forfait vun zwou Milliounen Euro, déi sinn emol fällig. An dann, fir dat ze preziséieren, déi 2.800 Euro lafe vum Dag vum Uerteel un, also viru ronn 14 Deeg.

Ech si gefrot gi vum Här Gibéryen, op wat dat Ganzt kann dann erauslafen. Dat ass natierlech elo schwéier ze soen. Dat hänkt elo ganz staark dovun of, wéi séier dass de Projet vun der Stad Lëtzebuerg fäerdeg ass a wéi séier dann duerno de Projet vun der Bleesbréck fäerdeg ass. Wann dat antrëfft, wat déi zwee Maîtres d’ouvrage eis soen, da kënnt Der ongeféier mat nach eng kéier zwou bis dräi Milliounen rechnen.

Et ass och esou, dass déi 2.800 Euro proportionell sinn. Mir ginn dovun aus, dass Beggen/Bouneweg vläicht an der Mëtt vun 2015 konform sinn. An da gëtt während sechs Méint gekuckt, ob déi Kläranlag och déi Wäerter, déi Aflosswäerter respektéiert. A wann dann no-dréiglech festgestallt gëtt, dass déi sechs Méint scho konform waren, dann hält dee Moment déi proportionell Strof, déi mat den Einwohnergleichwerter vun där Kläranlag ze dinne huet, op.

Elo muss een awer wëssen, dass dat ronn en Drëttel ass vun den Einwohnergleichwerter an dass déi aner zwee Drëttel Bleesbréck sinn. Also wa Bouneweg éischter fäerdeg ass, da kënnt Der ongeféier 900 bis 1.000 Euro ofrechnen. Déi aner lafe bis zum Schluss, bis d’Bleesbréck fäerdeg ass.

Mir si ganz frou, dass dee Projet elo kann esou séier gestëmmt ginn, well all Dag - all Dag! -, dat hutt Der matkritt, Dir Dammen an Dir Hären, dee mer spueren, dat ass also boer Mënz. Mir wollten heimat och e staarkt Signal un d’Kommissioun op Bréissel schécken, fir ze weisen, dass dës Regierung alles wëllt maachen, fir esou séier wéi méiglech konform ze sinn.

Mir gesinn dat hei awer och als e kloert Signal un de Bedreiwer, den Ofwaassersyndikat, dass elo wirklech keng Ursaach méi do ass, fir net virunzemaachen.

Et ass awer ganz kloer esou, an dat ass hei e puermol gesot ginn, dat hei ass e Finanzéierungsgesetz. Nach bleift de SIDEN de Maître d’ouvrage. Et ass natierlech un hinnen, ze kucken, dass se esou séier wéi méiglech virukommen. Mir wäerte vum Ministère aus alles maachen, fir dass déi néideg Autorisatiounen - wou en Deel schonn do ass, anerer sinn um Lafen; do waren dës Woch nach Gespréicher tëschent dem Ministère an dem SIDEN -, dass dat esou séier wéi méiglech ka virugoen. Mä duerno muss awer de Syndikat selwer alles maachen, fir esou séier wéi méiglech fäerdeg ze ginn.

An dann, wat d’Cour des Comptes ubelaangt, kann ech lech soen, dass ees wéi ees e Rapport vun der Cour des Comptes iwwer sechs vergaange Kläranlagen ënnerwee ass. Ech hunn deen nach net gesinn. Ech hu mer just vum Ministère soe gelooss, dass deen do ass.



An dat wier och vläicht e gudder Moment, Här Turpel, dass mer dann net nëmme géifen iwwert déi eng oder déi aner Kläranlag schwätzen, mä wann de Rapport vun der Cour des Comptes wierklech do ass an dee kontradiktoreschen Hin an Hier tëschent de Ministère fäerdeg ass, géif ech proposéieren, dass mer dann nach eng kéier an der Ëmweltkommissioun generell iwwert déi ganz Problematik schwätzen, firwat et ëmmer erëm an deem Beräich zu Retarde kënnt.

An da kann ee jo och spezifesch iwwert déi zwou Kläranlagen, déi Dir spezifesch opgeworf hutt, kann een da gären och nach méi an den Detail goen. Ech kennen awer, wéi gesot, deen Inhalt nach net. Wann déi Prozedur ofgelaf ass, da wäerte mer eis eng kéier bei lech mellen.

Mä, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et geet jo net nëmme ëm d'Suen! Et ass elo schrecklech vill iwwert d'Sue geschwat ginn, déi mer musse bezuelen. Ech wier frou gewiescht, wa mer grad esou vill iwwert den Ëmweltschued, deen hannert deene Sue steet, géife schwätzen.

Well Bréssel veruerteelt eis jo net, well et hinnen op eemol agefall ass '91, et misst ee Kläranlage bauen. Mä mir gi veruerteelt, well mer d'Kläranlagen net konform hunn, well mer d'Flëss an engem katastrophalen Zoustand loossen! An ech mengen, dat ass eigentlech nach vill méi schlëmm, wéi déi Suen, déi mer müssen op Bréssel bezuelen.

Ech kéint elo hei probéieren, e laangen Exkurs ze maachen, wéisou mer 22 Joer no der Kläranlagendirektiv nach ëmmer net konform sinn. Dat géif meng Zäit sprengen. Ech mengen awer och, och bei aller Pertinenz, eng gewësse Vergaangenheetsbewältigung ze maachen. Mir wëllen awer als nei Regierung an deem Dossier hei virun allem no vir kucken. Dat ass elo dat, wat fir eis zielt.

Dir erlaabt mer awer trotzdeem, eng Rei allgemeng Bemerkungen zu den Ursache vun där bedauerlecher Situatioun ze maachen. An ech géif ganz gäre vläicht bei där enger oder anerer Ursach e Verglach maache mat engem anere Beräich aus der Ëmweltpolitik, deen ech speziell gutt kennen, mä vill vun lech och, dat ass d'Offallpolitik.

Dir hutt nach ni héieren, dass mer an der Offallpolitik e Problem hate mat der Ëmsetzung vun europäeschen Direktiven! Jo, ganz oft kënne mer als Lëtzebuerg souguer soen: „Mä do si mer scho ganz gutt!“

Dir hutt vläicht matkritt, dass déi nei Ëmweltministesch fir d'Éischt op Bréssel war, an do war déi Direktiv ënnerwee mat de Plastikstuten, fir déi vläicht ze reduzéieren an Europa. Du konnt se ganz houfreg sinn - dat ass elo net hire Mérite an net där neier Regierung hire Mérite gewiescht, mä deene vu virdrun - a soen: „Mä dat, wat Dir hei wëllt maachen, dat ass zu Lëtzebuerg längst de Fall. Mir hu praktesch d'Plastikstuten an de klengen a groussen Épicerien ëm 90% reduzéiert.“

Ech ginn lech aus mengen Aen, aus menger Analys e puer Ursachen, firwat mer an déi bedauerlech Situatioun komm sinn:

Déi éischt ass, dass déi jeeeweileg Regierungen, wéi déi Direktiv komm ass, net derfir gesuergt hunn, dass déi néideg Strukturen en place gesat gi sinn. Et ass hei gesot ginn: „Dat si Milliardeng Ausgaben, esou Kläranlagen, Kollektoren! An de Gros vun deene Gemenge sinn iwwerfuert.“ An et huet éischters éiweg gedauert, bis déi Syndikater en place waren. A souguer haut, an dat ass och schonn erwähnt ginn, gëtt et nach ëmmer wäiss Flecken op der Landkaart!

Wann ech do den Offallberäich huelen, 1981, wou déi éischt Direktiv komm ass vu Bréssel, war den deemolegen, e war nach net Ëmweltminister, mä de Précurseur am Ëmweltberäich, de Josy Barthel, ass higaangen an huet direkt Drock op d'Gemenge gemaach. En huet gesot: „Dir musst elo all Är Tippen zoumaachen. A wann Dir net an e puer Joer an engem Offallsyndikat sidd, da kritt Der eng ganz Rei Subsidien net méi gemaach!“ Ech mengen, dat war méi eng wäitsichteg an och méi eng contraingnant Politik.

Zweetens, léif Kolleeginnen a Kolleegen, hu mer déi richteg Präisser net verrecht am Ofwaasserberäich. Et huet bis 2008 gedauert, bis an deem Land hei, wou d'Nopeschlänner scho längst käschendeckend Präisser am Waasser, am Ofwaasserberäich haten, bis iwwerhaupt iwwer käschendeckend Präisser geschwat ginn ass! A well dat Waasser an dat Ofwaasser jo och näischt kascht huet, oder mer hu gemengt, et géif näischt kaschten, war et keen Thema bei de Gemengen a bei de Gemengesyndikater.

An op där anerer Säit war et och schwierig, an de Gast Gibéryen huet dat gesot, besonnesch fir kleng Gemengen, iwwerhaupt esou Projeten unzegoen. Well souguer déi 10%, déi d'Gemengen hu misse bréngen, hu se, well mer keng käschendeckend Ofwaassertaxen haten, praktesch alles „en apport en capital“ misse bréngen aus hirem normale Budget, wat déi meescht dann och iwwerfuert huet.

Och do kann ech awer vergläiche mam Offallberäich. Do gëtt et schonn, zumindest an eenzelne Syndikater, zënter den 90er Jore käschendeckend Präisser fir déi grouss. An domadder sinn déi grouss Infrastrukture finanziert ginn.

Ech kann lech e Beispill aus mengem fréiere Liewen als President vum SIEC hei zitieren: Déi ganz Deponie, déi ganz Infrastrukture fir 55 Gemengen, do si 40 Milliounen Euro investiert ginn. Wësst Der, dass do net eng Gemeng een Euro „apport en capital“ huet misse bréngen? Firwat? Mä well mer zënter den 90er Jore käschendeckend Taxe gefrot hunn, domadder Reserven ugeluecht hunn an domadder och konnten déi néideg Infrastrukture finanzéieren, fir konform ze sinn zu deene jeeeweilegen EU-Direktiven, déi komm sinn!

Dat klängt dann heiansdo am Ufank, wéi wann dat méi deier wier fir d'Bierger an d'Biergerinnen. Haut gesi mer, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dass dat hei vill méi deier gëtt an dass mer hei onnëtz Geld op Bréssel müssen iwwerweisen.

Drëtt Ursach: Mir hunn de Pollueur-payeur net seriö ugewannt. An ech bedauern, dass bei der Loi-cadre 2008 eng politesch Décisioun geholl ginn ass, d'Taxes de rejet, déi d'Gemengen un de Stat müssen offéieren, fir all Gemeng d'selwecht ze maachen, wat eigentlech pervers ass. Dat heescht, déi Gemengen, déi keng Kläranlagen hunn, hu vill manner Fraisen, brauchen awer net méi eng héich Taxe de rejet un de Stat ofzeféieren. Et ass eigentlech paradox.

Dat huet deemools bei där Majoritéit kee Konsens fonnt. Ech fannen dat net gutt, well domat huet d'Regierung, léif Kolleeginnen a Kolleegen, sech praktesch all Drockmëttel geholl, fir par rapport zu de Gemengen an de Gemengesyndikater Drock auszeüben.

Véiertens, an dat ass scho gesot ginn, ech stinn och dozou, hunn och zu deene gehéiert, déi dat deemools scho propheet hunn, dass et e Feeler war, d'Waasser an d'Kompetenz vum Innenministère ze setzen. Dat huet emol näischt mat deene jeeeweilege Persounen ze dinn, déi do an deem Ministère waren, mä dat war strukturell ganz einfach e Feeler.

A fënneftens an net déi lescht Ursach, ass en typescht Beispill, wéi an der Vergaangenheet d'Recksäit vun der Wuesstumsmedail net considéiert ginn ass. Wann een all Joers Dausenden Aarbechtsplaze schafft a wann all Joers Dausenden nei Leit op Lëtzebuerg kommen, dann därer ee sech net nëmme freeën iwwert déi zousätzlech Steiere fir de Stat, déi supplémentaire Cotisatiounen fir d'Kranken- a Pensionskeenen, neen, da muss een och Crèche bauen, Schoule plangen a Kläranlagen eventuell vergréisseren!

An, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dës Regierung huet sech fest virgehall, an dësem Kontext eng Rei Saachen ze verbessern. De Koalitiounsprogramm ass schonn ugeschwat ginn. Mir hu ganz kloer an och unanime decidéiert, d'Waasser erëm dohin ze bréngen, wou et higeheiert, nämlech an den Ëmweltministère. An ech kann den Här Graas berouegen: Net méi spët wéi d'lescht Woch, wéi déi eenzel Direktiounen vun der Verwaltung bei eis komm sinn op de Kierchbiere, hu mer de Problem ugeschwat, fir ze soen, et kann elo net sinn, dass dräi verschidden Acteure bei d'Gemenge ginn an ënnerschiddlech Konzepter hunn, fir Baachen a Flëss ze renaturéieren.

Do ass eng kéier d'Natur- a Bëschrverwaltung; do ass awer och eng kéier d'Waasserverwaltung an heiansdo sinn dann och nach d'SICONAen, déi bei d'Gemenge ginn, an deemno wéi sinn do dräi verschidde Konzepter. Si hunn e kloren Opdrag kritt, prioritär derfir ze suergen, dass deemnächst eng kloer Vue ass, wat eng Renaturéierung vun enger Baach bedeit. An dat soll och esou séier wéi méiglech koordinéiert ginn, dass esou ënnerschiddlech Approchen net méi virkommen.

Zweetens, wat mer wëllen änneren: Mir wëllen, dat hutt Der matkritt am Koalitiounsaccord, e generell Nohaltegkeetscheck aféiere bei gréisseren Projete vun der Regierung, fir dass eben och d'Recksäit vun der Medail vun een-

zelne Projete gekuckt gëtt, an net nëmme gekuckt gëtt, wat vu Steieren a Cotisatiounen erakëent, mä wat dann och eventuell negativ Effeten op d'Ëmwelt an aner Beräicher am Statsbudget sinn.

Drëttens wëlle mer derfir suergen, an ech freeë mech all Dag, wann ech d'Rapporte vun de Gemenge liesen, dass awer lues a lues erkannt gëtt, dass et éischters méiglech ass, dass et kee Biergerkrich an enger Gemeng gëtt, wann ee käschendeckend Taxen aféiert, an dass zweetens genau domadder déi Suen an de Gemengebudget flëssen, fir dann och déi Dépense fir Kollektoren a Kläranlagen ze maachen. An dofir wäerte mir och derfir suergen, dass den harmoniséierte Waasserpräis, mengen ech, dee korrekt ass, net méi héich ass wéi siwen Euro fir d'ganz Land. Do ass jo schonn deene ländleche Raim Rücksicht gedroe ginn, mengen ech, an do wëlle mer och derfir suergen, dass dee lues a lues iwwerall agefouert gëtt.

A véiertens, an domat kann ech och op e puer Froen äntworten: Et steet och am Koalitiounsaccord, dass mer eng Diskussioun als Regierung wëlle féiere mat de Gemengesyndikater, fir da genee och emol eng kéier d'Kompetenzen tëschent dem Ministère, tëschent der Waasserverwaltung an de Syndikater ze féieren. Mir müssen évitieren, an Zäite vu knappe Keezen, dass mer do double emploi maachen. An an deem Kontext wäerte mer och da mat deene Gemenge schwätzen, déi elo nach als wäisse Fleck op där Ofwaasserkaart sinn. An ech hoffen, dass mer och do eng Entente fanen, fir dass déi och an deen een oder deen anerem Ofwaassersyndikat wäerte goen.

A fënneftens: Wa mer net vun der Plaz kéimen, dann, mengen ech, misst een och kënnen nodenken, ob een déi Taxe de rejet, déi un de Verschmutzungsgrad de Moment net gebonnen ass, ob een net esou wäit sollt higoen an d'Gesetz erëm änneren an derfir suergen, dass, wa Gemenge wierklech do wäeren, wou manifestement Blocage wäeren, dass een do géif higoen a wierklech erëm d'Welt op d'Féiss stellen an dass déijéineg méi eng héich Taxe de rejet misste bezuelen, wéi déi, déi hir Hausaufgabe gemaach hunn an deenen hir Kläranlage konform sinn.

Domat, Här President, menge mer am Beräich Ofwaassergestioun endlech zu definitiven an nohaltege Léisungen ze kommen.

Mä mengt awer net, léif Kolleeginnen a Kolleegen, domat wiere mer am Waasserberäich iwwert de Bierg! Nach laang net! Ech wëll lech soen, dass bei enger zweeter Direktiv, déi och vun '91 ass, nämlech déi iwwert d'Nitrater, eng zweet Saisine ass vun der Kommissioun. A mer riskéieren och do veruerteelt ze ginn! An dofir hu mer och do elo alles an d'Wee geleet, an net méi spët wéi muer de Moien ass e Règlement grand-ducal oder en Avant-projet de règlement grand-ducal am Regierungsrot. An ech hoffen, dass domadder endlech d'Kommissioun Rou gëtt, well soss blitt eis, an deem Kontext, datselwecht!

An och bei der Waasserdirektiv huet eng vun den Ursachen dofir, dass nëmme 7% vun de Baachen a Flëss, de Moment, an engem gudden Zoustand sinn, och mat den Nitrater, mat der Auswäschung vun der Landwirtschaft ze dinn. An deen neie Landwirtschaftsminister a mir als Ëmweltministère wäerten alles drusetzen, an deem do Beräich op jidde Fall, dass eisen Nokommen net deeselwechte Misär blitt an do vläicht nach méi massiv Strofe misste bezuelt ginn.

Op jidde Fall, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Merci villmools fir Är Diligence. A mir si frou, dass mer, wann dat Gesetz hei unanime gestëmmt gëtt, scho muer kënnen de Communiqué op Bréssel schécken, fir ze soen, dass mer alles wäerten drusetzen, fir, no 22 Joer, esou séier wéi méiglech mat där Direktiv do konform ze sinn.

Merci villmools.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och dem Statssekretär Camille Gira. Ech hunn nach eng Wuertmeldung.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).**- Parole après ministre. Kann ech...

► **M. le Président.**- Jo.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).**- Kann ech eng Prezisioun kréien zu der Fro vum Amortissement respektiv zum Käschendeckungspräis, wat d'Subventiounen ugeet, ob se do mat dra sinn oder net?

Merci.

► **M. Camille Gira, Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.**- Also, ech kann lech keng Äntwert ginn op déi Problematik vum Amortissement. Do si scho mam Virgänger, am Intérieur, Diskussiounen gelaf mat den Ofwaassersyndikater. Gitt eis eng Chance. Mir sinn, mengen ech, elo aacht oder zéng Deeg do. Dee Problem wäerte mer ugoen. An ech hoffen, dass, wa mer eng kéier iwwert dee Rapport vun der Cour des Comptes schwätzen, dass mer do scho weider sinn an lech konkret Äntwerte kënne ginn.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci. Domat si mer um Enn vun eiser Diskussioun ukomm a mer ginn zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6580 iwwer.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6580 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. D'Procuratiounen.

De Vote ass ofgeschloss an de Projet de loi 6580 ass unanime mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdig, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beisel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser (par M. Gast Gibéryen) et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Nächste Punkt vum Ordre du jour ass d'Diskussioun vum Projet de loi 6594, eng Ofännerung vum Code du Travail. Den Här Georges Engel ass Rapporteur. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

7. 6594 - Projet de loi portant modification

1. de l'article L. 122-10 du Code du Travail;

2. de l'article 1er de la loi modifiée du 3 août 2010

1) portant introduction de diverses mesures temporaires visant à promouvoir l'emploi et à adapter les modalités d'indemnisation de chômage et complétant ou dérogeant à certaines dispositions du Code du Travail;

2) modifiant les articles L. 513-3, L. 521-7 et L. 523-1 du Code du Travail;

3) modifiant la loi modifiée du 17 février 2009 portant:

1. modification de l'article L. 511-12 du Code du Travail;

2. dérogation, pour l'année 2009, aux dispositions des articles L. 511-5, L. 511-7 et L. 511-12 du Code du Travail;

3. des articles 2 et 3 de la loi modifiée du 17 février 2009 portant